

Manique Müller

Letzeburger Theaterbibliothe'k

No. 63

De
Familgeprapeli

Kome'distéck an 1 Akt

vum

A. G.




Letzeburg — Dréckerei a Verlag P. Linden — 1947

PERSO'NEN :

1. MADAM MIRSCH.
2. MARIA,
Hannogee 3. EMMY,
4. LUCIE,
5. MADLEN,
6. MATTANT LE'NI.
7. MARCELLE, eng Fröndin.
- } hir Kanner.

ALL RECHTER AUSBEHALEN.

Eng Opfe'rong o'ni d'Erlâbnes vum Verlag fällt
önner d'gesetzlech Strofen.



(E Gârt mat Kuerfmiwelen: Fotell, Kanapé, Dösch, Still. Um Dösch stêt e Ne'kierfchen, mat Sche'er, Zwir a. s. v. D'Maria an d'Lucie hêkelen a brode'erent; d'Emmy leit gemächerlech do ze liesen; d'Madlén sötzt beim Dösch ze schreiwen.)

1. Oprött.

Maria, Lucie, Emmy, Madlén.

MARIA. Bass de nach net bâl fierdeg mat dêm e'wege
Gelies? 'T ass jo dach alles dê rengste Mumpiz,
wât an de Bicher stêt, grad gutt genug fir de
jonge Médercher de Kapp ze verdre'en.

EMMY. Fir mei Kapp brauchs de net ze fierchten,
dê sötzt me' fest we' eso'.

MARIA. Je, je, de Pobeier ass gedölleg, an d'Liewen
gêt mêschtens do ere'scht un, wo' d'Romanen
ophâlen.

LUCIE (*schle't d'Hänn zesummen*). Nun he'er emol
ê Mönsch onst Maria, wâthatt eröm allerlê weis
Gedanken hei zum Beschte gött! An dann dê
Scho'lmêschesch-To'n! 'T ass wirklech fir ze
lâchen. So, Maria, kriss d'am Enn schon d'Nau-
pen vun enger âler Joffer? 'T ass ower alt nach
fre'. Wât kann dât ere'scht gin, wanns d'emol
d'Gléck hues, op 40, 50 Jor zeréckzekucken! Da
werds de dech selwer net me' aussto können vu
Granzegkêt.

MARIA. Du âle Spottvull do, du impertinent Mönsch!
Dât do nennen ech ower den Himalaya vun der
Frechhêt erklammen. Nêñ, 't ass net ze son, wât
êñ sech als dât êlst vun eso' enger Band muss
gefâle lossen.

EMMY. Duefir hues du ower och d'Meschterschäft
iwer ons all.

MARIA. Eng sche' Meschterschäft, wann ê fir de
le'we Fridd op alles jo an Ame sêt.

LUCIE. Du bass dât richtegt! Je, Maria, mâch dech
net eso', mir wösse jo dach, dass du ömmer recht
muss hun; d'Mama erzielt nach haut eso' gier,
we's de schon als Kand d'I-buch verbessere wolls.
'T geng dir och bâl gon we' der Fra an der
Geschicht.

MARIA. Matt wât fir engem Witz könns de dann elo
nês gezun? Du hues der jo ömmer eng Onmass
op réserve.

EMMY. Jo, jo, Lucie, nömmen erop dermatt; d'Lâ-
chen soll eso' gesond sin, a wât nach me' ass,
't mecht och sche'n.

MADLEN (*huet schon e puermol onwölleg opge-
kuckt, bâl um Fiederkeil geknât, bâl dermatt
gespillt; elo platzt et eraus*). Dann hues du ower
nach net vill gelächt an dengem Liewen. (*Et
klappt mat der Fauscht op den Dösch*). Könnt
dir d'Schniewelen nömmen eng Minutt hâlen!
'T ass engem hei jo reng onme'glech, fir en
ordentlecht Wuert ze schreiwen. Ech wêss schon
nie, we' ech meng Bre'f ufânke soll; an elo nach
ve'er beiénâner.

MARIA. Fir wât schécks de denge Fröndinnen dann
net einfach eng Visitekärtchen? Da könns de se
matt e puer Wuert op de Kaffi âlueden, an de'
wichteg Sâch wär a fönnef Minuten erlêdegt.

MADLEN. Well e le'we Bre'fchen vill me' schick ass. Ech hun dê sche'ne Pobeier dach sicher net kritt, fir en e'weg an der Köscht leien ze lossen.

LUCIE. Ah, 't ass em de' Zeit! Dât häss de gleich solle son. Da misste mer jo elo bâl all hellefen, dass dein neie Bre'fpobeier zur Geltong könnnt.

MADLEN. Ech brauch êr Höllef net. Eso' vill werd ech hoffentlech nach eleng fierdeg brengen. Hätt ech nömmen en Ufank, de Rescht ke'm scho vum selwen. Mä bei iech kann ê jo net nodenken. Ert dommt Geschwätz hölt engem de' sche'nsten Idéen.

EMMY. Merci fir d'Kompliment, meng Mod. Setz alt emol den Datum an d'Uried dohin, dât ass jo schon eppes.

LUCIE. Dem Maisy kanns de schreiwen: Petite chérie, an dem Mimi: Chère petite.

EMMY. An zum Margot sês de: Très chère amie, zum Henriette: Amie très chère. Dann hues de deng ve'er Bre'f ugefâng an nach ewell ên ânescht we' den âneren.

MADLEN (*be's*). O, fir de Spott brauch ên net ze suergen. 'T ass haut ower och neischt matt iech ze wollen. Dât Gescheitst ass nach, ech gin de' Bre'f op meng Kuemer schreiwen. Wann ech wârde bis dir verstänneg gitt, kre'en ech se nie an d'Post. (*Et fänkt un zesummen ze lêen.*)

LUCIE. Ass dann och nach we'negstens Bre'fpobeier genug do? Well ir den Timber op d'Enveloppe könt, hues de d'Bre'f jo dach e puermol ânescht geschriwen. 'T werd wuel nês fir eso' en zwanzeg Be'n gon. Ech mengen, ech läfen der nach huerteg âneren sichen.

MADLEN 'T ass net ne'deg, ech hu mech virgesin. ('T dêt e Krêsch.) Do, do, dât ass èr Schold, o

Mamm, o Mamm! (*'T schle't d'Hänn um Kapp zesummen.*)

MARIA (*spréngt op*). Em Gotteswöllen, wât ass geschitt?

MADLEN (*kröscherig*). Ech hun d'Töntefâss ömgesto'ss matt èren Dommhêten.

LUCIE (*spréngt op a beme't sech mam Maria öm den Dösch*). De' sche'n nei Tape't! Da bleif dach net do ston we' en Dreibitz, Madlén. Huel alt dei Nueschnappeg, wann neischt ânescht do ass, fir d'Tönten opzebotzen.

EMMY. Loss du se ro'eg lâfen, meng Mod, du könns d'Fangeren um Enn nach schmotzeg kre'en.

MADLEN (*tuppt mam Nueschnappeg op den Dösch*). Wien dei kâlt Blutt nach hätt! Komm hellefen aplâtz dass de do leie bleifs, we' wann d'ganz Welt dech neischt ugéng.

EMMY. Fir wât soll ech mech och nach oprêgen?
Dir ble't jo schon all we' Patscheblummen.

LUCIE. Jo, du le'ss le'wer Gottes Wâsser iwer Gottes Land lâfen.

EMMY (*lâcht*). Nêñ, nömmen Mirschen hir Tönten iwer Mirschen hiren Dösch.

MADLEN. Mein ârme Buvard, mei sche'ne Pobeier!
(*'T kreischt a wöscht sech mam schwârzen Nueschnappeg durch d'Gesicht.*)

MARIA. Ech lâfen huerteg d'Tape't an der Möllech auswâschen. Ganz frösch gin d'Flecken am beschten eraus. (*Of.*)

2. Oprött.

De' Vireg o'ni d'Maria.

MADLEN. Dât ass alles durch iech. (*'T wöllt gon.*)

EMMY. Ma so, Madlén, wât der Jomer hues de gemâch? Wolls de schwârze Pe'ter spinnen?

LUCIE (*dre't sech ronderöm*). Menger werreg, geschmiert hues de dech no alle Regelen vun der Konscht. Hätt ech nömmen e Spigel hei, dass de deng sche' Fiseleminn bewonnere könns.

EMMY. 'T ass neischt, Le'ni; we' et sche'nt, soll dât eso' e gutt Möttel sin, fir d'Schmink eweg ze schaueren.

MADLEN. Pardon, bei mir ass alles natirlich Fârf. (*'T reiwt sech mam Nueschnappeg iwer d'Löppsen*). Da kuck emol, ops de nömmen ê ro'de Penktelche geseis.

LUCIE. Duefir ower me' schwârzer. Fuer nach e we'neg eso' virun, da geseis de raus we' e Mo'er. Ech menge, Muedleng, wanns de dech elo matt enger Wuptisite't vun Null Komma 25 ge'fs eweg mâñ, soss könne mer herno de Schrupper huelen, fir dei Gesicht propper ze kre'en.

MADLEN (*iwerem Fortgon*). Vun dengen zömrerleche Fangeren wollt ech jiddenfalls net gehêmelt gin. (Of.)

3. Oprött.

Lucie, Emmy, Maria.

EMMY. Nêñ, dem Madlén seng Binnett wor ênzeg, eso' hätt ên et misse knippsen.

LUCIE. 'T ass wirklech domm, dass ech mei Kodack net hei hât, dât wä e sche'nt Bild gin fir an ons Sammlong.

MARIA (*könnt eröm*). Elo wär de Schued nêñ eng Ke'er gehêlt. Dât ass ower ömmer d'Enn vum Liddchen. Dir könt dât âremt Kand och nie matt Ro' lossen.

LUCIE. Du brauchs net eso' wârm fir dein Herzchen
ânzetrieden. 'T ass em dach neischt geschitt. E
we'neg Spâss muss jiddverên verston, soss gin
de' eckeg Kanten am Charakter nie ganz ofge-
schlaff.

EMMY. O, du suergs schon derfir, dass se bei kengem
vun ons eckeg bleiwen. De' Arbecht hues de nach
ömmer am le'fste gemâcht.

LUCIE. Peift de Wand vun dèr Seit Hm, 't
le'sst mech kâl. (*'T nurelt.*) Et wor emol e Mêd-
chen zu Götzen, oho, 't hât Aen we' feiereg
Blötzen, oho

EMMY. Keng iwel Stömm, mä 't könnt engem iwel
derbei gin.

LUCIE. All Vullen . . . an eso' virun, nömmen d'Neid-
vullen net — du kenns jo dât Sprechwuert?

4. Optrott.

De' Vireg, d'Madam Mirsch.

MADAM MIRSCH (*hannert de Kulissen*). Madlén!

MARIA. Lauschttert emol, huet d'Mama net geruff?
(*'T ass opgesprongen.*)

MADAM MIRSCH. Madlén! (*Sie ass fierdeg ugedon
an huet en offene Bre'f an der Hand.*)

MARIA. 'T Madlén ass net hei; 't ass virun e puer
Minutten op seng Kummer gâng, fir ze schrei-
wen.

LUCIE. Mama, hues d'eng Kommissio'n fir onst
Könni, da gin ech et ruffen?

MADAM MIRSCH. Jo, Lucie, 't wär mer le'f; d'Mat-
tant Le'ni huet mer hei geschriwen, sie ke'm fir
ent etiech Wochen op Besuch, an sie hätt gier,
wann d'Madlén se op d'Gâr ofhuele geng.

LUCIE. Dât son ech em ower net, soss mecht et sech
durch d'Peif. (Of.)

MARIA. Matt wât fir engem Zug könnt d'Mattant
Le'ni dann un?

MADAM MIRSCH. Em 3 Auer 40.

EMMY. Dann huet d'Madlén nach grad eso' knapps
Zeit, fir an den Tram ze sprangen, dên direkt op
d'Gâr fiert. Dass d'Mattant Le'ni sech ower och
ömmer eso' spe't bedenkt, fir ze schreiwen! 'T
hât net vill gefêlt, da wär sie vrum Bre'f hei ge-
wiescht.

MARIA. Onst Madlén hätt sicher neischt derge'nt
gehuet.

MADAM MIRSCH. Ech fro mech wuefir? D'Mattant
Le'ni ass dach eng hierzensgutt Perso'n, de' iech
Kanner iwerhâpt vill ze vill verwinnt huet.

EMMY. Gutt ass se schon, Mama, dât gin ech zo',
mä eso' schrecklech âlmo'desch. Ganz sicher
dre't sie hirer Mamm hir Klêder nach, we' de'
se ausgeloss huet. Sie könnt jo do we' aus Mathu-
salems Zeiten. Onst schickt ho'fregt Madlén
mecht jiddenfalls keng schlecht Figur niewent
hir. Ech ge'f dât Bild gier gin, als Illustratio'n
zum Text « Einst und jetzt ».

MADAM MIRSCH. Du dommt Kand do! Mengs de
dann, de Wert vun engem Mönsch ge'f vun eso'
Äusserlechkêteen ofhänken? "Gewöss, d'Mattant
Le'ni hält neischt op de Firlefanz an ass alles
we net modern. Mä dât könnt ganz vill dohir,
well sie ömmer ere'scht fir d'lescht un sech
denkt. Wann sie dênen âneren an all me'glech
Ugelêenhêten virugehollef huet, könnt den Tur
net me' bis un sie.

5. Optrött.

De' Vireg, d'Lucie, d'Madlēn.

LUCIE a MADLEN (*kommen zesummen erān*).

MADLEN. Hei sin ech, Mama; d'Lucie sot, du häss
mech geruff.

EMMY. Jo, Könni, mir hun eng gro'ss Neiegkêt fir
dech. Rot emol wât?

MADLEN. Ass et och we'ngstens der Me' wert, dass
ech mer de Kapp zerbriechen? Ech sin nämlech
ganz schlecht am Roden.

LUCIE. Da probe'er we'negstens, vleicht gere'ts de
dât Richtegt.

MADAM MIRSCH. Loss d'Kand seng Zeit dach net
mat êren Dommhêten vertrenntelen. Madlēn, du
muss dech elo gleich undonken, fir op d'Gâr ze
gon. D'Mattant Le'ni huet mer geschriwen, sie
ke'm mam Zug vun 3 Auer 40 un, an du solls
se ofhuele kommen.

MADLEN. Da schlag einer lang hin und stehe kurz
wieder auf!

MADAM MIRSCH. Madlēn, wât ass dât nêts fir en
Ausdrock?

MADLEN (*le'sst sech schwe'er nidderfâlen*). Nêns,
dât do hât ech wirklech net erwârt. Gutt, dass
ech mech setze kann. D'Mattant Le'ni, sicher am
Sonndesse Stât, matt Kisten und Kasten an
hiren 99 Päck a Päckelcher. Wann s'alt de Vulle-
kierfchen mam Kanari net önnert engem, an de
Joli önnert dêm âneren Arm huet, kann ech nach
vu Gléck schwätzen. Mama, gês du we'negstens
matt op d'Gâr?

MADAM MIRSCH. Nê, Madlēn, 't ass mer leider on-
me'glech. Ech muss de Mötteg onbedengt e Kran-

kebesuch mân, dêñ ech net me' opschuppe kann.
Ma ech hoffen ower, mech we'negstens heieran
op meng gro'ss Kanner verlossen ze können. Dir
wösst jo all, wât d'Mattant Le'ni mir ömmer
war, a wivill ech hir verdanken. Duefir werd dir
s'och matt dèr Hierzlechkêt empfänken, de' se
gewinnt ass, heihêm ze fannen. Ech sin iwerhâpt
an enger Stonn eröm. Bis dohin hu der mer hof-
fentlech nach keng Dommhête gemâcht. (*Sie
stêt bei déne leschte Wierder op.*)

MARIA. Mä, Mama, wât denks de da vun ons?
Hâls de ons fir eso' we'neg zo'verle'sseg? Nêñ,
du kanns ro'eg fortgon, ech iwerhuelen d'Ver-
antwortong.

MADLEN. Da wönschen ech der alt, dass se der net
ze schwe'er gött, 't kann èn sech nie fir eppes
verhêschen.

MADAM MIRSCH. Madlên, söff verstänneg! D'Mat-
tant Le'ni könnt extra heihin we'nt denger, an
ech ziele fest drop, dass de le'f a fröndlech ge'nt
se bass. Sie huet et wahrhafteg em ons all ver-
déngt. Avoir da, Kanner, bis derno; mâcht nöm-
men, dass d'Kirch am Duerf bleibt! (*Of.*)

ALL. Avoir, Mama.

6. Oprött.

De' Vireg o'ni d'Madam Mirsch.

MARIA. Dajé, Madlên, elo gött et och Zeit fir dech,
soss könns de nach am Enn ze spe't op d'Gâr.

MADLEN. Wär ech alt schon eröm! (*De' âner
lâchen.*) Dir hutt gutt lâchen, an ech hun
d'Lêd. Ech gese'g iech emol gier matt der Mat-
tant Le'ni durch d'nei Avenü gon. D'Mama sel-
wer war fro', dass sie eng Ursâch hât, fir sech

derlânscht ze ze'en. Wär d'Mattant Le'ni we'-negstens net eso' geröscht we' d'Gre'del am Hierscht!

MARIA. Nujé, nujé, Madlén, eso' schro ass et ower net.

MADLEN. Dach, nach ewell grad. Schick bis iwer d'Mossen breicht se jo net ze sin, well ech fanne selwer neischt me' lächerlech, we' eng âl Damm, de' durch allerlé könschtlech Möttelen iwer hir Joren ewegteische wollt. Mä we' d'Mattant Le'ni sech rafistole'ert, dât ass einfach gesetzwiddreg.

EMMY. O, de uereg Zongen!

MADLEN. Ass et da vleicht iwerdriwen? Nê, sicher net, dât wösst dir jo all selwer. An da matt hiren êgenen Idêen! Ge'f se nach we'negstens den Tram huelen! Ower nén, dên ass nömmen fir de' faul Leit oder fir de'je'neg, de' net me' eso' gutt zu Fo'ss sin, we' sie matt hiren 65 Jor. An duefir muss ech nês durch d'ganz Stâdt matt hir gondelen. O, ech gesin se schon ugeréckt kommen, dass d'Leit all an der Stross sto bleiwen a matt Fangeren op ons weisen. Zwo' Hutteköschten, eng fir dê sondessen an eng fir dê wiertessen Hutt. (*'T gêt iwerdêm op an of matt vill Gesten.'*) E Parasol, dass hire rengen Teint durch de' stârk Sonn net zevill abime'ert gött. Vleicht och nach de Vullekierfchen mam Hansi dran, well se dât âremt De'erchen onme'glech eso' lâng eleng losse kann.

MARIA. Maja, dât beweist eben, dass d'Mattant Le'ni e möllt Hierz huet.

MADLEN. An dann zu gudder Lescht hir Prapelien. Dât kre'en ech dann alles opgeböndelt. Dê fir d'sche'nt Wieder, an dann ere'scht dê fir de Rên. O, dê Familgeprapeli, ganz sicher nach en Ierf-

stéck aus Gro'ssmamms Zeiten, dēn ass mir scho
lāng en Dâr am A.

LUCIE. Mä fir wāt dann, Madlēn? 'T ass dach wirk-
lech e sche'nt Stéck.

MADLEN. Jo, dât sche'nst aus der Mattant Le'ni
hirer Sammlong, an dât wöllt vill son. 'T wêss
ê jo net me' wāt fir eng Fârw datt en am Ufank
hât. An dann dê formidable Still!

MARIA. Gewöss, dein Tom-pouce verschwönd dernie-
went. Mä du muss ower zo'gin, dass dât Mo-
dernt nach lāng net ömmer dât Praktescht ass.

MADLEN. Gefällt dê Modell der so' gutt, Maria?
Nun, da schwätz der Mattant Le'ni emol sche'n.
Sie matt hirem gudden Hierz trött der e vleicht
of, wells du me' Verstêsdemech hues fir d'Anti-
kite'ten we' ech. Eso' wär ech e matt guddem
Geschéck lass, an ech braicht en net me' durch
d'Stâdt ze dron.

EMMY. Nêñ, de' pietatlo's Jugend vun haut!
onrefrieden

MADLEN. Stêt dât och an dengem Buch, Emmy?
Mä dât hei losst iech gesot sin: Wann d'Mattant
Le'ni haut, bei dêm sche'ne Wieder, mam Famil-
geprapeli ugezu könnt, da stin ech gutt fir neischt.
Eemol Hokuspokus, a verschwonnen ass en.

MARIA. Madlēn, Madlēn, mâch keng Dommhêten!
Du wêss, d'Mama verstêt kê Spâss an dêne Sâ-
chen.

LUCIE. An d'Mattant Le'ni nun ere'scht recht net.
'T wär genug, fir Streit ze mân.

MADLEN. Losst dât meng Suerg sin; 't misst scho
gelunge kommen, dass sie be's iwer mech wär.
Avoir da, Kanner, schéckt iech gutt bis ech eröm
sin.

DE' ANER. Avoir! Avoir!

EMMY. Vill Gléck, Madlén! Mir wäschen ons Hänn
an Onschold.

7. Optrött.

De' Vireg o'ni d'Madlén.

MARIA. D'Madlén ass ower munnech Mol e ganzt
schrecklecht Kand. Ech mengen, mir hätte besser
gehât, et net eleng gon ze lossen.

EMMY. Ma, Maria, wo' denks de hin? Ons Knetzel
werd dach âl a verstänneg genug sin, fir ze wös-
sen, wât et ze mâñ huet.

MARIA. 'T sticht haut ganz garante'ert eng. 'T huet
mer grad eso' drâ gekuckt. (*'T stêt op a lêt seng
Arbecht eweg.*) Am Enn gin ech dach nach matt
op d'Gâr.

LUCIE. Beme' dech net, Maria, 't ass ze spe't. Do
lêft d'Madlén schon op den Tram.

EMMY. Wât leit da schle'sslech um dêm âle Pra-
peli, wann et dên och wirklech verschummele
ge'f!

MARIA. 'T ass och net fir de Prapeli. Mä ech fierch-
ten, d'Mattant Le'ni könnnt de' Farce iwel ophue-
len an sech gekräntkt dodurch fillen. An ech
wêss, dât déng der Mama se'er lêd, well sie
hänkt eso' êschtlech un der Mattant, der êlster
Schwester vun hirem Papp.

EMMY. Fir wât soll d'Mattant Le'ni sech iwerhapt
net bestued hun? Den âlen Fotoen no ze jüge'eren
muss sie an der Zeit e bildsche'nt Mêdchen ge-
wiescht sin, an o'ni Verme'gen war sie jo och
net.

MARIA. Ja, mam Bestueden ass dât eso' eng êge
Sâch gewiescht. We' sie hätt wöllen, du konnt se
net, a we' sie hätt können, du wollt se net.

LUCIE (*röselt de Kapp*). Dât do gêt iwer mein Horizont. We' sie hätt wollén, du konnt se net, a we' sie hätt können, du wollt se net. Doraus göff en âner klug we' ech.

MARIA. Nun, d'Mattant Le'ni ass eng vun dêne feinen Naturen, de' sech selwer ömmer an den Hannergrond stellen an nömmen fir de' âner liewen, wann hirt perse'nlecht Gleck dobei och a Stécker gêt. Sie sollt grad matt engem jonge Professer, dên s'op engem Bâl kenne gele'ert hât, verlobt gin, du stierft hir Mamm. Fir dên ârme Papp, dê matt 5 Kanner, vun dênen dât jengst kaum 6 Jor hât, zréckbliwen ass, wor dât en hârde Schläg. An du huet d'Mattant Le'ni, als dât Eelst vun de Mêdercher, matt enger natirlecher Selbstverständlichkeit, engem gro'ssen Affergêsch, hiren Drâm vu Le'ft a Gleck begruewen an hirem Verlobten sei Wuert erömgin, fir vun dêm Dâg un hire klenge Geschwester d'Mam z'ersetzen an de gudde Schutzengel vum ganzen Haus ze sin.

LUCIE. Dât hätt ech net fierdeg bruecht, dât wär iwer meng Krâft gângen.

EMMY. Wât ass du aus dem junge Mann gin? Dât do ass jo dé rengste Roman, dên d'Mattant Le'ni erlieft huet, wirklech interessant.

MARIA. An e stêt a kengem Buch. — E puer Jor hât hien, dê ganz eleng am Liewe stong, nach op sie gewârt, an sech derno dach en êgent Hêm gegrünnd. Mä d'Mattant Le'ni ass gedölleg op hirem schwe're Poste bliwen, huet gesin, ên nom âneren vun hire Geschwester d'Haus verlossen an hirem Gleck entge'nt gon. Me' we' eng Ke'er hätt se nach Geléenhêt gehât, sech ze bestue-

den; sie konnt sech ower net me' derzo' entschle'ssen, hiren âle Papp eleng ze lossen.

8. Oprött.

De' Vireg, d'Marcelle.

MARCELLE (*hannert der Bühn*). Huhu!

LUCIE (*stêt op.*) Huhu! 'T ass sicher d'Marcelle.

EMMY (*hällt sech d'O'eren zo'*). O, meng ârem Nerven! Dât do hun se ganz gewöss dohannen um Eck gehe'ert.

LUCIE (*bei de Kulissen*). Sprang iwer d'Maierchen, Marcelle, da bass de e'schter hei.

MARCELLE (*hannert de Kulissen*). Een, zwê, drei!

(*'T he'ert ên et sprangen*). Do! (*'T könnt op d'Bühn, 't kreizt d'Ärm iwerenâner a verneipt sech.*) Salem aleikum!

LUCIE (*mecht grad eso'*). Gummi arabicum!

MARCELLE. Du verdre'tent Mönsch! Ech wösst emolier, op wât dass du eng Äntwert schölleg ble'fs!
— Nê, we' fleisseg de' Kanner sin! (*'T gêt vun engem zum âneren*.) A wât schafft der sche'ns?
(*Beim Emmy*.) D'Emmy dêt sech nês de Gudden un.

MARIA. We' gewe'nlech!

LUCIE. Jo. 'T ro't seng Glidder aus, dât ass seng le'fst Beschäftekong. Wa mer Wieder hun we' haut, ass net vill mam Emmy ugefâng. Dann ass et liddreg we' all neischt gutts, an net wert, dass d'Sonn et besche'nt.

EMMY. Duefir hun ech mech jo och an de Schied geluegt. Mä setz de dech dann net, Marcelle? Du brauchs dach sicher net me' ze wuessen, du hues mengerwärreg schon eng gehe'reg Längt.

MARCELLE. O, 't ass net derwert. Ech wollt nömmen
fro kommen, ob der mer net könnt e we'neg len-
gen Zwîr oftrieden; ech misst haut onbedengt
eng Arbecht mân, an ech hâle mech net gieren
op, fir an e Geschäft ze gon.

MARIA. Dât ass och guer net ne'deg. Ech mengen,
't wär nach Zwîr iwreg vun dêm Stor, dên ech
d'Lescht gemâcht hun. Wann ech der dermatt
aushellefe kann, gin ech der e gleich sichen.
Wârt e we'neg, an enger Minutt sin ech eröm.
(Of.)

9. Oprött.

De' Vireg on'i d'Maria.

EMMY. A wât hues du da Sche'ns am Gâng, dât eso'
presse'ert?

MARCELLE. En Döschlêfer vu point-lacé fir der
Mama hiren Dâg. Well se haut de Mötteg matt
onsem Lilly op d'Gâr ass, hätt ech de' bescht
Gelêenhêt, fir e fierdeg ze mân.

LUCIE. Sin s'och eng âl Mattant ofhuelen?

MARCELLE. Nên, sie sollen dem Papa e Billjê siche-
gon, well hie muer de Muerge fre' verrêse muss.
Mä fir wât frês de dât? Erwârt dir vleicht eng
âl Mattant?

LUCIE. Jo, onsem Madlêr seng Giedel könnt fir e
puer Wochen bei ons op Besuch.

10. Oprött.

De' Vireg, d'Maria.

MARIA (*huet e Strängelchen lengen Zwîr an der Hand*). Hei ass nach alles, wât ech fond hun,
Marcelle; wann dât der duergêt! ('T gött em
den Zwîr.)

MARCELLE. O, villmols merci, Maria! 'T ass nach
me', we' ech haut verschafft kre'en.

EMMY. Mä dēn Zwír ass jo scho giel vum Leien;
dē kanns de dach net me' brauchen.

MARCELLE. Fir wāt dann net, Emmy? Dât mecht
dach neischt; da gött eben dât ênt mam ânere
gewäsch. Ich bin nicht so krödelich.

LUCIE. Die Dippen sind grade gödelich, geben Sie
mir die ganze Ritsch, sot d'Bauerefra, we' se an
der Valutazeit Döppen no Tre'er kâfe gong.

MARCELLE. Nun hâl ower op, dât do ass ganz sicher
eng aus dem Péckvillchen.

LUCIE. Oh pardon! Dê liese mir net; mir mân iwre-
gens onse Péckvillchen selwer.

MARCELLE. Da glêwen ech gier, dass et oft löscht-
teg hei op an zo' gêt. Mä elo muss ech ower
lâfen, soss könnt d'Mama schon eröm, an ech
hun nach neischt geschafft.

LUCIE. Ech gi matt bis bei èr Dir, Marcelle, ech
hun der nach eppes ze verzielen.

MARCELLE. Avoir dann! Ech kommen herno iech
nach e we'neg Gesellschaft hâlen, wann ech net
ste'eren.

DE' ANER. Ganz a guer net. Avoir, Marcelle! (*De'*
zwê of.)

11. Oprött.

D'Maria, d'Emmy; spe'der d'Lucie.

MARIA. Nu lê emol ganz huerteg dei Buch op d'Seit,
Emmy. D'Mattant Le'ni muss all Albéck kom-
men, an du wêss, sie kann neischt manner lei-
den, we' wann ên sech mötten am Dâg matt en-
gem Roman dohisetzt. Dât ass dem Härgott

seng Zeit gestuel, sêt sie ömmer. Oder du hues nach besser, et gleich an d'Haus ze dron, soss ass et dach nês dât E'scht, wât hir an d'Hänn fällt.

EMMY. Mein âremt Buch! Nêñ, ech lâfen, ech fle'en.

MARIA. Du kanns och nach an Namürs telefone'eren, sie sollen ons fir halwer fönnef e Nosskranz an eng Kischtentârt matt Schlagsahn schécken.

EMMY. Ech gi le'wer selwer bis dohin, da kommen ech alt e we'neg an d'frösch Loft. (*Of.*)

MARIA (*eleng*). Loss mech nach huerteg alles sche'n opraumen. Dass nömme keng Schnöppelche Po-beier um Buedem leit, kê Fuedem Zwîr un de Steck hänke bleift, d'Mattant Le'ni ass eso' krid-deleg, dass de' klengsten Unordnong sie schwâch fâlen dêt. Dobei entgêt hir eso' lîcht neischt, sie huet en A, dât engem durch siwen Täschen an de' âcht geseit.

LUCIE (*könnt erâgelâf*). Maria, stell dech a Positur, d'Mattant Le'ni könnt ugeréckt!

MARIA. Loss deng Dommhêten elo op der Seit, a so mer le'wer, we' et tösschen dênen zwé stömmmt. Soll d'Madlen wirklech eppes matt dêm fame'se Prapeli gesticht hun?

LUCIE. Dât konnt ech en mam beschte Wöll net ofgesin, eso' e gutt A hun ech ower nach net. (*'T höllt d'Maria bei de Schölleren a ste'sst et bis bei d'Kulissen*). Mä do kommen se jo schon. Spill elo deng Roll als Hausfra a ge' er sche'n bis bei d'Pärtchen entge'nt. (*Maria of.*) We' soll dât nach ausgon? Ech si wirklech gespânt.

MARIA (*hannert de Kulissen*). Bonjour, Mattant Le'ni, wöllkomm heihêm!

MATTANT LE'NI. Bonjour, mei Kand! Ech si fro',
nêss eng Ke'er bei iech ze sin. (*Sie könnt iwer de
leschte Wieder erân; sie huet eng Hutteköscht an
eng Posch an der Hand, d'Madlén d'Paraplien,
d'Valissen, eng Hutteköscht.*) Hu mer och nach
alles, Madlén: meng Hutteköschten, meng Va-
lissen, mei Prapeli, ganz besonnesch . . .

12. Oprött.

De' Vireg, d'Mattant Le'ni, d'Madlén.

LUCIE (gêt huerteg op d'Mattant Le'ni zo' a kôsst
se). Salut, Mattant Le'ni, Dir gött all Dâg me'
jonk.

MATTANT LE'NI (*stellt hir Sâchen nidder a mecht
e Fanger*). Neischnottz do! Ass dât ewell Mo'd
an der Städt, dênen âle Leit eso' ongene'ert an
Gesicht ze le'en?

LUCIE. O, Mattant Le'ni!

MARIA (*höllt verschidde Sâchen a gêt dermatt fort*).

MATTANT LE'NI. Du kanns dech nach net gutt ver-
stelle, Lucie, an ech sin och fro' derfir; Kom-
plimente mânn le'ert der nach all huerteg genug.
Ech hât der jo gleich um Gesicht ofgesin, dass
de geduecht hues: Nêñ, we' ass d'Mattant Le'ni
an dêne leschte Me'nt falle'ert!

MADLEN. Kommt, Mattant Le'ni, mâcht Iech et e
we'neg me' kamo'd; Dir sidd sicher midd a
wârm. (*'T dréckt s'an eng Fotell an dêt er d'Pel-
lerin aus*.)

MATTANT LE'NI. O jo, dât ass ower och eng Rês
bis heihin. An dobei bass de ausgezunn, we' wann
der Deiwel hannert der wär. Mir ass den Otem
ausgång.

MADLEN. Mä, Mattant Le'ni, fir wât hutt Der dann
neischt gesot? Ech hât gemênt, Dir ge'ft eso'
no ons all verlängeren, dass Der net huerteg
genug erêmke'mt.

LUCIE. Gléft em et net, Mattant Le'ni! (*Madlén
ste'sst et an d'Seit.*) 'T werd wuel de Freier en-
zwo' gesin hun. Ass Iech neischt Verdächteges
önnerwê opgefall?

MATTANT LE'NI. Nê, wirklech net. 'T ass ons nömmen
e jonge Schnautzvull bege'nt, dên do gedänzelt ko'm we' eng Journalspöppchen, an eso'
stârk parfüme'ert wor, dass ech ên Ableck gemênt
hun, mir hätten ons an e Blummegârt veriert.
Dên hât dem Madlén zwar den Hutt ganz
de'f ofgedon -- fir mech âle Miwel war et dach
secher net gemênt. Mä ech traue menger Nies
ower eso' vill gesondte Mönscheverstand zo' dass
se hirt Hierz net un dê verklête Rêsbengel
hänkt.

MADLEN. De Meyesch Pirchen! O nê, Mattant Le'ni,
dât ass wahrhafteg menger kên.

MATTANT LE'NI. Hei, hu dir och nach e Pirchen
an der Stâdt? Ech hätt gemênt, de' al letzeburger
Nimm we' Pir, Jang oder Chârel wären ewell
lâng ausgestuerwen. Gewe'nlech gin d'Jongen do
jo nömm me' Pierre, Jeanli, Charlo oder Carlo
geruff.

LUCIE. Am Fong ass et dach dât selwegt.

MATTANT LE'NI. Dât selwegt? Mä ganz a guer net.
D'Ursâch dovun leit vill me' de'f. Ons jong Fraen
vun haut sin net me' eso' einfach we' d'Mammen
aus der gudder âler Zeit, a wöllen an allem de
leschte Mo'd mattmân. Eso' schummen se sech
dene sche'nen hellgen Nimm vu fré'er, de' ons
Elteren a Gro'sselteren matt Le'ft a Stolz gedron.

Dât ass och en Zêchen vun onser Zeit, de' iwer-all versicht, matt dénen álen Traditio'nен ze briechen.

MADLEN. O, Mattant Le'ni, gesitt Der net ze schwârz?

MATTANT LE'NI. Jo, dât verstitt dir net an èrem jugendlechen Onverstand. Mä dir musst ower sel-wer son, wann eng Mamm aus irgend engem Grond nach zu engem Maria, Ketty, Le'ni greife muss, da gött et einfach e Mariette, e Kâti oder Kitty, e Marie-Madeleine oder he'chstens nach e Léni. (*Sie sét dât alles an engem vermengten To'n.*) Je, je, 't ass matt de Nimm we' matt de Sâchen, dât Aalt wor nach ömmer dât Bescht. Zu menger Zeit huet ên z. B. op e gudde, feste Stoff gehâlen, haut kucken se nömm me' no dêm lichte, flöttereche Gemech. Dât Klêd hei hun ech mer mâche geloss, fir mein êlste Bruder, ère Gro'sspapp, op sengem Hochzeitsdâg an d'Kirch ze fe'eren.

LUCIE. 'T geseit ên em et haut nach of.

MATTANT LE'NI. Ech hât et am Ufank nur fir de' gro'ss Gelêenhête versuergt, a bis haut hun ech et nach net ganz opgedro kritt. Elo fänkt et zwar un, bei den Ärm ze schlötzen, mä önner der Pellerin geseit ên et jo net. Ja, an de' hât ech mir kåft, we' ech Giedel bei mengem e'schten Nevi go'f. (*D'Maria könnt erân.*) An da mei Prapeli, weis mer dên emol hir

13. Oprött.

De' Vireg, d'Maria.

MARIA. Entschöllegt, Mattant Le'ni, wann ech Iech önnerbriechen, ma ech ge'f Iech gier op Er Kum-

mer fe'eren, fir dass Der e we'neg Toilette könnnt
mân; derno drenke mer dann zesummen Kaffi
hei am Gârt.

MATTANT LE'NI. Dât lossen ech mer nach gier ge-
fâlen. Enger âler Joffer gêt neischt iwer eng
gutt Téßche Kaffi.

MARIA (*hölt nach eng Valis*). Lucie, breng du de
Rescht! (*De' zwê of.*)

14. Oprött.

D'Lucie, d'Madlén.

LUCIE. Nu so mer emol huerteg, we' alles gâng ass.
Ech si gespânt we' e Prapeli.

MADLEN. Ower sicher net we' der Mattant Le'ni
hiren. Wo' dên elo erömschwenkt, wêss ech net.
Vleicht ass e schon engem Lompekre'mer önnert
d'Hänn gefall.

LUCIE. Dajé, loss mech dach net eso' lâng zabbelen,
geseis de dann net, dass ech vergin vun Onge-
dold.

MADLEN. Nun, d'Sâch war zimlech einfach. We'
d'Mattant Le'ni matt hire Kisten und Kasten
ugerêst ko'm, hun ech er dât mêscht ofgeholl,
önner ânerem dê berühmte Prapeli, dên se mer
ganz wârm un d'Hierz geluegt huet, matt eso'
engem schalleksechen Ausdrock am Gesicht, we'
wann se meng Gedanken erroden hätt. An der
Hâl vun der Gâr, ech war er nämlech bis op de
Perron entge'nt gâng, hun ech d'Gepäcks gewies-
selt an op êmol an engem Eck eppes u mengem
Schong arrange're missen. Du hun ech de Pra-
peli einfach sto geloss, an d'Mattant Le'ni ass
ro'eg virugâng o'ni eppes ze ahnen. Virun der
Gâr huet se bâl no rechts, bâl no lénks gekuckt, fir

den Autoen auszeweichen, an du hun ech se dêrmossen matt mengem Gebabbels a Beschläg geholl, dass sie iwerhâpt net me' zu Wuert kommt ass.

LUCIE. Wât fir e Wê sidd der da gâng? D'Mattant Le'ni hât sech haut ower och besonnesch fein erausgemâcht.

MADLEN. Durch d'nei Avenü we' gewe'nlech. Ech wollt den Tram huelen, mä du sin ech gutt ukomm. We' mer mötten an der Stross woren, wie könnt do gedänzelt, we' eng Journalspöppchen huet d'Mattant Le'ni net matt Onrecht gesot? De Meyesch Pirchen. Du kenns dên âle Spottvull jo, dên dommen Efalt, dên neischt modern a schick genug kritt. Du wêss jo selwer, wât fir eng göfteg Zong de' lieweg Zeidong vu Gro'ssletzeburg huet. Wann dên dech bei der âlmo'descher Gestalt erbléckst, ass et mer durch de Kapp gâng, da wêss muer d'ganz Stâdt et, an du bass am Danzkur onme'glech gemâcht. A mir hu grad fir de' nächst Woch eso' eng flott Exkursio'n geplangt.

LUCIE. Hues de net nach me' e gro'ssen Eefalt fond, no dêm senger Mênonk dass de kucke muss, we' dê parfüme'erte Mo'degeck.

MADLEN. Dât sês du, wells de net önner sengem Spott ze leiden hues. Mä genug dovun. Ech net faul, ech fe'er en d'Mattant Le'ni bei dem Fotograf seng Fönster, wo' grad e puer nei Opnahmen ausgestallt woren, an hun ömmer hêmlech zur Seit aus gebicht, ob de Pirchen nach net bâl länscht wär. Bis op êmol ste'sst d'Mattant Le'ni e Krêsch aus a weist an engem hellegen Eifer op d'Foto vun engem jonge Mêdchen an enger moderner Bâltoilette. « Schummt eso' e

Framönsch sech dann net? » huet sie ganz be's geruff a mech huerteg eweg gezun, grad dem Meyesch Pirchen entge'nt. Dên huet ons dann natirlech ganz sche' gegre'sst, mä matt eso' engem affronte'erte Lâchen öm de Mond, dass ech em am le'fsten eng Kräfteg versât hätt.

LUCIE. Dât wär jo e sche'nt Bild gewiescht. Ma do gesin ech d'Mattant Le'ni erömkommen; elo mâñ ech mech matt dem Rescht vun hire Sâchen ewech.

15. Oprött.

D'Madlênen eleng.

MADLEN. Eigentlech ass dê ganze Witz mer scho lêd. Ömmer eng ausweichend Äntwert sichen oder eng âner Ried ufänken, gêt mer famo's op d'Nerven. An dann zidderen ech dach e bößchen vrun dêm Ableck, wo' d'Mattant Le'ni geseit, dass hire Prapeli verschwonnen ass. A lâng werd et net me' ausbleiwen. Hätt ech nömmme meng Fangeren dervu geloss, oder könnt ech dê verhâssté Prapeli erbei hexen! Mä un enger geschitter Sâch ass neischt me' ze änneren, duerfir muss ech de Lâscht ro'eg komme lossen.

16. Oprött.

D'Madlênen, d'Maria, d'Mattant.

MATTANT LE'NI. A wuer huet d'Emmy sech da verfûsst, dass ên hatt ne'rens geseit? Ech wetten, 't sötzt nês matt engem Buch op senger Kummer a könnt net erof, bis et sein neie Roman ausgelies huet.

MARIA (*huet e Plateau matt den Tâsen, d'Kaffistape't a. s. v.; 't fänkt un, den Döschen ze decken*).

Dach net, Mattant Le'ni, ech hun et nach huer-
teg bei Namürs geschéckt, well ech Iech haut
gier eppes Extraes beim Kaffi serve're ge'f.

MATTANT LE'NI. A jo, dât gehe'ert jo och ewell
zum gudden To'n, fir all Klengegkêteen bei den
Zockerbäcker ze lâfen. Zu menger Zeit hu mer
alt selwer gebâk, wa mer Besuch kruten. Mä
d'jong Mêdercher vun haut stin net me' gier
lâng an der Kichen a mâñ sech d'Sâch duefir
vill me kamo'd.

MADLEN. O, Mattant Le'ni, Dir dutt onser Jugend
am allgemengen a menger Schwester am beson-
neren batter onrecht. Mir gin haut och nach grad
eso' praktesch erzuen we' d'Mêdercher vu fre'er.
Onst Maria z. B. hölt et matt gidwer Zocker-
bäcker op, a kachen kann et aus dem ff.

MATTANT LE'NI. Nun, da kritt et scho Geléenhêt,
fir eng Pro'f vu senger Geschéckerlechkét ofzelên.
Well dât son ech iech, Kanner, vrun drei, ve'er
Wochen gitt der menger net lass. Re'ts de dann
net, Madlén, fir wât dass ech drop gehâlen hun,
grad haut bei iech ze kommen?

MADLEN. Dir wösst jo, Mattant Le'ni, ech sin eso'
schlecht am Roden.

MARIA (*lues*). We' naïv sech d'Madlén munnech
Mol stelle kann!

MATTANT LE'NI. Soll ech der dann drop hellefen?
— Wiem sein Namensdâg ass iwerpauer?

MADLEN. Mä Eren, Mattant Le'ni. Ech hu schon dru
geduecht.

MATTANT LE'NI. Schallek! A wiem seng Giedel sin
ech?

MADLEN. Meng, huet d'Mama mer ömmer gesot.

MATTANT LE'NI. A wât hues de der scho lâng gewönscht?

MADLEN. Mattant Le'ni!

MATTANT LE'NI. Am Enn fèrts de nach, fir et ze son. Abé, da son ech et: e Sölwerfox. A well d'Mama nach net dru glêwe wollt, ass de' âl Mattant Le'ni kommt, fir dir ên ze kâfen. Wât sês de duerzo'?

MADLEN (*lëft op d'Mattant Le'ni zo' a fällt er em den Hals*). Dass Dir de' le'fste, beschte vun all Mattanten sidd, meng hierzeg, goldeg Mattant Le'ni.

MARIA (*lues*). Do he'ert d'Weltgeschicht op. (*Hârt.*) So, Madlén, loss d'Mattant Le'ni ower nach zu Ot   kommen. Du brauchs hiren Do'd we'negstens net um Gew  ssen ze hun. Dir verwinnt ons Knetzel bis an d'Hierz er  n, Mattant Le'ni. Wât brauch d  t krappegt St  ck schon eso' en deiere Pelz?

MATTANT LE'NI. Ro'eg Maria. D  t ass de' ênzeg Fr  d, de' d'Liewe mer geloss huet, fir hei an do en ânere gl  cklech ze m  n.

17. Optr  tt.

De' Vireg, d'Lucie.

LUCIE (*k  nnt er  n matt der Zeidong*). D'Welt g  tt iewer vun D  g zu D  g me' schlecht. Elo grad hun ech am « Wort » gelies, 't h  tt g  scht en H  r am Tram de Portefeuille matt 800 Frang geklaut kritt.

MATTANT LE'NI. D'Leit sin och net virsichteg genug. Fir w  t eso'vill Geld an e Portefeuille ze dun, wann ên an e Gewulls muss gon? Ech dron nie eng ganz gro'ss Zomm bei mir, an huelen besonnesch net vill Geld a meng Poschett.

MARIA. Ma we' hutt Der et dann des Ke'er gemâcht?
Op der Gâr kann ê jo net genug oppassen.

MATTANT LE'NI. O, ech hât scho meng Précautio'-nen getraff; d'Mattant Le'ni schmiert kên un. De' dreidausend Frang, de' ech mer fir dem Madlén sei Pelz op d'Seit geluegt hât, hun ech eso' gutt verstoppt, dass och de raffine'ersten De'f se net fond hätt.

LUCIE (*zum Maria*). Kritt d'Madlén e Pelz? De' Knetzel huet me' Chance ewe' Recht. (*Zur Mattant Le'ni.*) Mä, Mattant Le'ni, Dir mächt ons wirklech virwötzeg. Dierf ê gewuer gin, wuer Der Ert Geld da verstach hât?

MATTANT LE'NI. Dât rot der nie.

MADLEN. Ech wetten, 't lo'g önner Erem Hutt.

MATTANT LE'NI. Dêñ hätt ech vleicht können an Ongedanken am Zug ausdun.

LUCIE. An Erem Schong?

MATTANT LE'NI. Och net, dann hätt ech jo net go können.

MARIA. An enger Hutteköscht?

MATTANT LE'NI. Alt net — ech hu jo gesot, dir ge'ft et net fannen.

MADLEN (*ass opgesprungen, fir sech*). Elo gêt mer eng Speicherlicht op.

MATTANT LE'NI. A mengem Prapeli.

ALL ZESUMMEN. An Erem Prapeli?

MADLEN. Dach net an dêm fir de Rêñ?

MATTANT LE'NI. Mä nach ewell grad. War dât keng prachtvoll Idê?

LUCIE. Dach zevill eng prachtvoll.

MADLEN (*ass schwe'er niddergefall*). O Himmel, hast du keine Flinte? Nêñ, ech Eefalt, ech Dabo!

(*Et spréngt iwert de leschte Wierder nêș op a lëft dorömmer.*)

MATTANT LE'NI. Gelt, Madlén, dât hâs de mengem âle Schöld vu Prapeli net ofgesin, dass e matt Dausendfrangscheiner gefiddert wär?

MADLEN (*ömmer nach a gro'sser Oprêgong*). Nêñ, ganz a guer net. (*Lues.*) Soss hätt ech e sicher net an der Gâr sto geloss. Dass dât och grad huet misse mir passe'ern! Eddi nun, Pelz . . . o, ech könnt mer selwer eng O'erfei gin!

MATTANT LE'NI. Ge' emol op meng Kummer de Prapeli sichen; ech hât elo e'nescht net me' dru geduecht, fir d'Geld erauszehuelen. Da weisen ech iech, we' fein ech mer dât arrange'ert hât. (*D'Madlén of.*)

18. Oprött.

De' Vireg o'ni Madlén.

MARIA (*zum Lucie*). Ma dât do ka jo gutt gin. Wât werd d'Mama duerzo' son? Hätt ech nömmen mengem Kapp gefollegt a wär alt mat dem Madlén op d'Gâr gâng. We' sidd Der dann nur op dên Aafall kommt, Mattant Le'ni, Ert Geld grad an de Familgeprapeli ze verstoppen?

MATTANT LE'NI. Nun, ech hu mer gesot: « Un dém âle Stéck vergreift kên De'f sech, do ass d'Geld gutt opgehuewen. » Ja, ja, Kanner, kuckt, am Liewen hêsc̄ht et ömmer nömmen de Kapp uewen hâlen an iwerlén, dass ên sech an alle Situationen ze hellefe wêss. Wien net reich ass, dê muss gescheit sin.

19. Oprött.

De' Vireg, d'Madlēn.

MADLEN (*könnt ganz verzot erān*). Mattant Le'ni ...
ech fannen . . . ech geng Iech . . . ech wollt . . .
de Prapeli ass net do.

MATTANT LE'NI (*spréngt op*). Net do? Ma ech
mengen du drêms! E muss do sin, he'ers de
mech! Ech hât en dach matt aus dem Zug
bruecht. En Eed könnt ech drop dun, eso' sicher
sin ech menger Sâch. Du werds net gutt gekuckt
hun, du kanns net gutt gekuckt hun.

MADLEN. Dach, Mattant Le'ni, an ech hun en iewer
net fond.

MATTANT LE'NI. Ass dann nach iwerhâpt eppes
matt iech âner ze wollen? Dir sidd ower och fir
neischt ze gebrauchen. Nie d'Gedanken bei der
Sâch. Da muss ech e scho selwer siche gon.
(Of.)

LUCIE. Do hues d'et matt dengem 't dêt neischt!
Ech hun der ömmer gesot: « Wer andern eine
Grube gräbt . . . »

MADLEN (*huerteg*) . . . ist ein Taglöhner. Ver-
scho'n mech elo matt denger Filosofie, de' kann
un der ganzer Sâch neischt me' änneren. Mä 't
ass vleicht nach net alles verluer. Elo lâfen ech
emol huerteg op de Polissbüro; 't ass jo net on-
me'glech, dass schon ên en dohi gedron huet.
Eso' Stécker gin haut des Dâgs dach nömmme me'
ofgeliwert.

MARIA. Madlēn, Madlēn, wât hues du der do eng
âgebrecht! (*D'Madlēn of.*)

20. Oprött.

D'Maria, d'Lucie, d'Mattant Le'ni.

MATTANT LE'NI (*ganz verste'ert*). En ass net me'

do. Ech hun d'ganz Kummer op d'Kopp geke'ert,
mä all Sichen ass emsoss. (*Setzt sech.*) Mei
sche'nt Geld! 3000 Frang fannen sech dach net
op der Stross, an e Krösus sin ech och net. O,
ech ârem, onglécklech Fra!

MARIA. Tre'scht Iech, Mattant Le'ni, vleicht hutt
Der en an der Gâr sto geloss, an dann ass jo
nach net all Hoffnung

MATTANT LE'NI. Sto geloss? . . . Ech jiddenfalls
net! Da kann et nömmen d'Madlén gewiescht sin,
ewell hatt hât mer en ofgeholl. An dann huet
d'Knetzel et express gemâcht, fir mech z'ierge-
ren. 'T hât nach ömmer iwer dên âle Prapeli ze
spöttelen. Nêñ, dass ech dât nach zu mengem
âlen Dâg erliewe muss! Dât hun ech wahrhafteg
net em iech verdéngt.

MARIA. Mattant Le'ni, glêft dach net, dass d'Madlén
Iech wollt we' donken. (*Lues.*) 'T gött jo ömmer
besser. (*Hârt.*) Wann hatt och munnech Mol
lichtsönneg an oniwerluegt ass, e be'st Hierz huet
et ower net.

21. Oprött.

De' Vireg, d'Marcelle.

MARCELLE (*séngt hannert de Kulissen*). Schier
dreissig Jahre bist du alt, hast manchen Sturm
erlebt

LUCIE. Dât ass d'Marcelle nês; 't könnt elo an eng
gelungen Atmosfär erân.

MARCELLE (*séngt iwerdêm virun*). . . . hast mich
wie ein Bruder beschützet . . . ('T könnt op
d'Bühn, de Prapeli an der Hand, de Gröff no
vir.) Hei bréngen ech iech de' gre'sst Sehens-

würdegkêt aus dem Letzeburger Mûsê. Oh, par-
don, Joffer Le'ni, ech hât Iech net gesin.

MATTANT LE'NI. Mei Prapeli! Mei Prapeli! Joffer
Marcelle, Dir sidd en Engel.

MARCELLE. Enchante'ert, Joffer Le'ni, dass emol ê
Mönsch dât zu mir sêt.

MATTANT LE'NI. Schued, das et nur eng âl Joffer
ass! Ech versti jo, dass Der et le'wer vun engem
sche'ne Jong gehe'ert hätt. Ma trotzdem wider-
huefen ech nach eng Ke'er: Dir sidd en Engel,
well Der mer mei Prapeli erömbruecht hutt. Mir
hâte schon alles ausgesicht, fir en ze fannen.
Elo fällt mér e schwe'ere Stê vum Hierz.

MARCELLE. Ower net op de Prapeli, soss ass e
kapott.

MATTANT LE'NI. Mâcht Dir de Geck net matt
mengem Prapeli, dên ass haut 3000 Frang wert.

MARCELLE. 3000 Frang!

MATTANT LE'NI. Hutt Der elo net geduecht, Joffer
Marcelle, Mirschen hirer âler Mattant rabbelt et
am Oberstübchen? Abé, kommt emol all hir, da
wöll ech iech beweisen, dass ech nach bei klorem
Verstand sin. (*Sie mecht de Prapeli op.*) Gesitt
der de' Täsch? Doranner hun ech d'Geld ver-
stoppt. Eng Sche'er, wann ech gelifft! (*D'Maria
gött er eng Sche'er.*) Merci! (*Sie schneid d'Täsch
lass an höllt d'Geld eraus.*) Do ass de Schätz —
hât ech nu recht oder net? War de Prapeli keng
3000 Frang wert?

MARCELLE. Menger wärreg! Drei Billjêen vun 1000
Frang! Wirklech eng originell Idê. Geld an e
Prapeli ze bitzen.

LUCIE. 'T muss ên ower och Mattant Le'ni hêschen,
fir op eso' e patenten Aafall ze kommen.

MATTANT LE'NI. Jo, Kanner, haut des Dâgs, wo'
d'Welt ömmer me' schlecht gött, hêschte et vir-
sichteg sin, wann ê matt vill Geld rête muss.
Woren d'Scheiner dann net gutt eso' versuergt?

MARCELLE. Gewöss, Joffer Le'ni, ganz gutt eso'
guer, besser nach we' dohêm am Kofferfort. De'
gin ewell mat Lichtegkêt erbrach, eso' en âle
Prapeli am Ge'gendêl le'sst gidwerê giere ston.

MATTANT LE'NI. Dât hun ech haut erfuer. Mä ech
wéss nach ömmer net, we' mein Eegentom iwer-
hâpt an Er Hänn komm ass.

MARCELLE. Op engem ganz einfache Wé. D'Mama
an onst Lilly waren de Mötteg grad an der Gâr,
we' Dir ukomm sidd. Sie hun zo'fälleg gesin,
dass d'Madlén an engem Eck sei Schong ge-
stréckt an du a senger Zerstrêthêt vergiess huet,
fir de Prapeli nês mattzehuelen. Dir wort zevill
huerteg verschwonnen, soss hätt Der e gleich
eröm kritt an de Schreck vun elo e'nescht wär
Iech erspuert bliwen.

MARIA. Pst, ro'eg, elei gesin ech onst Madlén scho
kommen. 'T könnt do geschlêft, we' wann et
Ro'm gelueden hätt. Dêm ass de' ganz Sâch
famo's nogâng, we' et sche'nt. Kommt, mir ze'en
ons mam Prapeli zréck. Mattant Le'ni, Dir könnt
Madlén besser eleng empfänken, fir Versöhnung
ze feieren. Mä losst et fir d'e'scht e bösschen
zabbeln, sei Lîchsönn huet eng Strof verdéngt.
(D'Maria, d'Lucie an d'Marcelle of.)

22. Oprött.

D'Mattant Le'ni, d'Madlén.

MATTANT LE'NI. We' ass et nu gâng? Ech gesin,
du könns matt eidlen Hänn? !

MADLEN (*verschimmt*). Jo, Mattant Le'ni, 't ass
nach neischt um Polissbüro ofgeliwert gin.

MATTANT LE'NI. Wât soll ech dann elo matt eso'
engem lichtsönnege Médchen mân?

MADLEN. Wât der wollt, Mattant Le'ni, nur net me'
be's sin iwer mech. Wann der we'sst, we' schreck-
lech lêd et mer dêt!

MATTANT LE'NI. Dât ass licht gesot, mei Kand.
Mä domatt hun ech mei Geld ower net eröm,
an du hues nach kê Pelz.

MADLEN. O, durop verzichten ech gier, wann Der
mer nömmen neischt me' nohâlt we'nt dêr gan-
zer dommer Sâch mam Prapeli. Mein ênzege
Gedanken önnerwê war nur: « We' soll Mattant
Le'ni de Verloscht vun hirem Geld erdron? »
Un de Pelz, dên domatt fir mech an d'Wâsser
gefall ass, hun ech net eng ênzeg Ke'er geduecht.
(*'T gêt bei d'Mattant Le'ni op de Scho'ss.*) Sidd
Der och elo guer net me' be's iwer mech, Mattant
Le'ni, keng kleng Grimmelche me'?

MATTANT LE'NI. Nên.

MADLEN. Da musst Der ower dobei lâchen, soss glê-
wen ech et net recht.

MATTANT LE'NI. Du kleng Schmêchelesch do, dir
ka jo kê läng widderston. Dajé, well deng Zer-
strêthêt Schold un dêm Onglêck ass, wölle mer
kê Wuert me' driwer verle'eren. Donk ower eng
âner Ke'er uecht, dass neischt me' eso' virkönnt.

MADLEN (*stêt op*). Mattant Le'ni!

MATTANT LE'NI. Wât ass dann elo nês? Bass de
nach net zefridden?

MADLEN. Ech ge'f Iech gier eppes son, Mattant
Le'ni, mä Dir dierft mech net ze kucken, soss
kommen d'Wierder mer zevill schwe'er.

MATTANT LE'NI. Dât ass mer ower nei. Nujé, wann
êñ de Kanner de Wöll dêt, da kreischen se net,
an deng âl Giedel hues de nach ömmer em de
Fanger gewéckelt. Wuer soll ech da kucken?

MADLEN (*dre't er d'Gesicht op d'Seit*). Duer an den
Eck. Eso' ass et gutt. (*'T lêt sech e Kössen nie-
went der Mattant hir Fotell, 't kne't oder setzt
sech drop*). Mattant Le'ni, elo sötzen ech nês
grad hei, we' wann ech als Kand eng gesticht
hât an ech sin Iech beichte komm.

MATTANT LE'NI. Kêñ iwelen Ufank. Wât huet mei
Könnchen dann um Hierz? Um Enn ass nach
ewell e Jong am Spill!

MADLEN. Wo' denkt Der hin, Mattant Le'ni? D'Jon-
gen si mir eso' brêt we' läng; ech bestuede mech
iwerhâpt net. 'T ass eppes ganz âneschtes.

MATTANT LE'NI. Dann eraus matt der Fârf. Deng
âl Mattant werds de dach ne färten. Du wêss
jo, dass sie alles verstêt an alles verzeiht.

MADLEN. Mattant Le'ni, ech huelen Iech mam
Wuert. Dir hutt gemênt, ech hätt . . . de Prapeli
. . . an der Gâr vergiess . . . (*D'Mattant Le'ni
kuckt, d'Madlén dre't er de Kapp nês em.*) Well
ech Iech ower net bele'e kann a wöll, muss ech
son, dass dât net de Fall ass.

MATTANT LE'NI. Dann hues d'en express stoe
losst, Madlén? (*Sie wöllt opsprangen, d'Madlén
dréckt se nidder.*)

MADLEN. Mattant Le'ni, ech schumme mech eso'!

MATTANT LE'NI. A wât fir en Zweck hâs de dann
dabei? Wât konnt mein ârme Prapeli dir schon
zu lêds gedon hun?

MADLEN. E wor mer zevill greisslech, zevili âimo'-
desch.

MATTANT LE'NI. Grad we' d'Mattant Le'ni, gelt?

MADLEN O, Mattant Le'ni!

MATTANT LE'NI. Du brauchs dech net z'entschöllegen; ech gesi jo elo selwer ân, dass et eso' ass. Bis heihin wär et mer am Drâm net âgefall, dass meng âlmo'desch Druecht engem ho'frege, jonge Mêchen sei Sche'nhet'sgefill verletze könnt. An d'Klêderfro war nach ömmer de' allerlescht vu menge Suergen. Dass dât och alt sein Nodêl huet, könnt ech haut erfueren.

MADLEN. Mattant Le'ni, glêft mer et: de Virfall mam Prapeli huet mech schon e we'neg beke'ert. Nie a mengem Liewen werd ech nömmme me' nom aissere Schein uertelen.

MATTANT LE'NI. Nun, dann ass de' Lektio'n jo net ze deier bezuelt. Well ech durch meng réckstänneg Idêen, meng opfâlend Aalmo'deschkêt de' gre'sste Schold un dem ganzen Onglêck dron, muss ech jo alles verzeihen a vergiessen.

23. Oprött.

De' Vireg, d'Maria, d'Lucie, d'Marcelle.

(Sie kommen zesummen erân; d'Lucie hält de Prapeli op de Réck.)

LUCIE. Als Erönnerong un desen denkwierdegen, onvergiesslechen Dâg iwerrêchen ech der, am Num vun ons all, e sche'nt an deiert Stéck, dâts de der an deser leschter halwer Stonn sicher schon honnert mol gewönscht. (*'T gött em de Prapeli.*)

MADLEN. De Familgeprapeli! A we' könnt dên hei-hin?

MARCELLE. Onst Lilly hât d'Gléck, fir en ze fannen,
an ech d'E'er, fir en eriwer ze brengen.

MADLEN. An d'Geld?

MATTANT LE'NI. Hei ass et, a muer gi mer zesummen
no engem Sölwerfox kucken. Selbstverständlech,
wanns de mech matthölls.

MADLEN. Wöll Der mech schimmeg mâñ? Vive
d'Mattant Le'ni, vive de Familgeprapeli! Vun
haut un hâlen ech all Antikite'ten an E'ren, a
wären s'och greisslech an âlmo'desch we' . . .

MATTANT LE'NI. . . . d'Mattant Le'ni. Ja, Kanner,
da misst ech mech zu mengen âlen Dêg
derzo' bequemen, de' verréckt Mo'den vun haut
alt nömmen e we'neg mattzemân, soss . . .

MADLEN (*fällt er huerteg an d'Ried*). O, Mattant
Le'ni, d'Klêd nömmme vun önnen 20 Zantimeter
ofgeschnidden, den he'ge Koll eweg, an der Taille
e we'neg me' weit, da werd Der gesin, wât Dir
eng sche' flott âl Joffer sidd!

MATTANT LE'NI. Sche'n a flott, dât gölt jo nömmen
haut me' an der Jugend hiren Aan. An de' âl
Mattant Le'ni soll sech nach duerzo' hirgin? Nun,
da musse mér emol matt der Ne'desch doriwer
schwätzen. Wann sie et fierdeg bréngt, dass ech
dênen ânere Leit nês gleichen, da muss ech jo
eben an de sauren Aapel beißen. Soss könnt et
mir am Enn nach we' mengem ârme Prapeli
ergon: Da geng ech och e gudden Dâg an engem
Eck sto geloss, an da wär vleicht keng mattlêdeg
Se'l do, de' sech menger unhuele wöllt.

(*De Vorhang fällt.*)

